

Zu Gast

# Lëtzebuerger Sprooch: eng Erausfuerderung!

**De Roland Houtsch ass  
Sekretär vun der  
politescher Sensibilitéit  
vun der Alternativ-  
demokratescher  
Reformpartei**

Eng Petitioun schléit all Rekorder: Den Undrang fir d'Petitioun Nummer 698, déi Lëtzebuergeresch wëll zur éischter Amtssprooch am Land maachen, huet d'Server vun der Chamber baschte gedoen. Deen Text deet och aner Leit baschten, wéi vill gehässeg, béiswëlleg oder falsch Kommentare weisen.

Den Usaz, gebuer aus der Suerg ëm d'Zukunft, wann 2060 bei ongebremschte Wuesstem 1,2 Milliounen Mënschen sech am Land an de Féiss stinn, ass wuel patriotesch an identitéitsstëftend, mä den Auteur schléisst domat weder Leit nach aner Sproochen aus.

Firwat esou e groussen Succès fir dës Petitioun? Wichtigsten Ausléiser dierft awer déi intolerant a stur Haltung vun der Regierung a Saachen Sproochesituatioun an Nationalitéit sinn. „Mir hu verstanen“, huet nom Referendum vum 7. Juni 2015 nach muenchere getéint. Datt dat net stëmmt, weist sech grad, wann d'Sprooch zur Sprooch kënnt: beim Nationalitéitgesetz, an der Kannererzéiung, an der Schoul, am Gesondheetswiesen oder wat d'Qualifikatiounen ugeet um privaten an öffentlichen Aarbechtsmaart. D'Regierung ass kompromësslos a wëll guer net dialogéieren mat Mënschen, déi frou si mat Lëtzebuerg, déi eis Sprooch gären hunn an dës bei sech doheim och gär schwätzen an déi houfreg sinn, wéi d'Ländchen sech eegestänneg behaupten huet, trotz Kricher an Invasiounen. Vum Dialog fillt sech Gambia am Glanz vun der Muecht entbonnen, grad wéi vun der Transparenz, déi am Ufank vun der Legislativperiod esou héich gehale gouf.

Mä och d'Sproochegesetz vu 1984 nennt d'Kand net ganz beim Numm: Dofir ass et méiglech, eng Begrëffsverwirrung iwwer dräi Landes- an Amtssproochen ze maachen, déi esou am Gesetz net existéieren. Wat opfällt, ass déi penetrant Aart a Weis, wéi d'Petitioun zerpléckt gëtt a wéi den Däiwel am Detail gesicht gëtt. Anscheinend muss eng Initiativ, déi sech dem Multikulti-Mainstream widder setzt, perfekt formu-

léiert an direkt applikabel sinn. Genee esou mudden d'Remarquen un, déi d'698 no sech zitt, well deen Usproch gëtt net un all méiglech aner Petitioune gestallt, mat deelweis wäit manner grondsätzlechen oder méi engem gewëssen Zäitgeescht genehmen Themen.

D'Petitioun ass d'direkt Sproochrouer vum net gewielte Bierger: Esou kann hien d'Politik beoptragen, sech mat engem Thema ze befaassen, dat him um Häerz läit. Keng Pflichtübung fir d'Chamber also! Déi gewielte Politiker mussen sech gewëssenhaft mat de Petitiounsujetën ausenanersetzen, och oder grad, wa se hinnen net kamoud sinn. Dat geet net iwwer Virveruerteelungen, Kappreselen oder Ofqualifizieren.

D'Lëtzebuerger Schoul gëtt hirem Usproch, Däitsch a Franséisch mateneen esou gutt ze enseignéieren, wéi an de Länner, wou dës Sproochen nativ sinn, net gerecht. Lëtzebuerger, déi an hirer Mammesprooch Feeler maachen (sief et op *Facebook*, an Internetkommentären oder a Lieserbréiwer), dofir ze verdamen, ass virum Hannergrond vun der diskriminéierender Behandlung vun eiser Sprooch an eisem Schoul-system en extrem kuerzsichtegt Argument.

Un der Politik ass et elo, fir dem Wielerwëllen ze entsprechen an déi Petitioun Realitéit ginn ze loosse. De Glawen un d'Politik stäerkt een am beschten, wann d'Politiker d'Uleies vun de Bierger eescht huelen.

D'ADR fënnt den Usaz vun der Petitioun duerchaus interessant. Sécher ass et eng spannend Erausforderung, se op europäeschem Niveau an hei am Land esou wäit wéi méiglech ëmzesetzen. Mä ass en Text, deen esou en Zousproch bei de Leit fënnt, net all politesch Ustrengung wäert? **Roland Houtsch**